**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°2366 vum 23. Mee 2025 vum honorabelen Députéierten Fred Keup an vum honorabelen Députéierten Tom Weidig zum Sujet "Problèmes de drogue et sécurité à Differdange"**

**Kann den Här Minister dës Conclusioune bestätegen? Sinn an deem Fall iwwer 50 Uriff un d'Police erakomm? Däerfen d'Leit um Trottoir virum Café hiert „Gras" (Cannabis) fëmmen? Wéi reagéiert d'Police an esou Fäll?**

D'Police huet am Joer 2024 am Zesummenhang mam genannte Café 10 Uriff enregistréiert. Vun deenen Uriff hunn der 3 zu enger Saisie vun illegale Substanzen an zur Redaktioun vun engem Protokoll gefouert.

De Konsum vu Cannabis-Produkter am ëffentleche Raum ass laut Gesetz net erlaabt. D'Police huet souwuel d'Personal vum Café, wei och d'Lokaler ronderëm, dorop higewisen.

D'Police geet all Fait dee gemellt gëtt no. Wa Beamte Persounen untreffen bei deenen ee Verdacht besteet, zum Beispill op Drogen, maachen si wann néideg ee Contrôle d'identité. Wann eng Infraktioun festgestallt gëtt, ginn d'Persounen enger Fouille ënnerzunn. Am Fall wou eng Persoun Cannabis oder Cannabis-Derivater bei sech huet, applizéiere sech je no Quantitéit verschidden Zenarien : en Avertissement taxé vun 145 Euro bis hin zu der Saisine vun der Substanz an der Erstellung vun engem Procès-verbal. Falls sech erausstellt, dass et sech ëm ee Revendeur (Dealer) handelt, gëtt de Parquet direkt informéiert fir déi néideg Suitten ze ordonéieren.

**Am Artikel geet riets dovun, dass de Parc Gerlache „seit längerem in der Region als Hotspot für Drogenhandel bekannt ist". Kann den Här Minister dëst bestätegen, déi aktuell Situatioun beschreiwen an d'Géigemoossnamen erklären?**

Eng Analys huet erginn, dass sech vill Leit a Jugendlecher do ophalen, virun allem an de Summerméint. Am Kader vun der genereller Kriminalitéitspreventioun a vun enger verstäerkter Policepresenz, ginn an de méi animéierten a vill besichte Quartiere reegelméisseg Patrulle gemaach. Dat ass och de Fall am Parc Gerlach.

Nieft de preventiven a repressive Patrullen duerch d'Kommissariat Déifferdeng, fanne Kontrolle mat "Drogenhënn" statt.

Säit dem 2. Mee 2025 mécht d'Police locale Patrullen zu Déifferdeng, fir d'Sécherheetslag fir all Bierger nach ze verbesseren. Dës Patrulle sinn Deel vun engem Plan local de sécurité, deen och fir d'Zone Parc Gerlache gelt.

D'Gemeng Déifferdeng plangt des Weideren d'Installéiere vun enger Videosurveillance.

**Ass de Phänomen vun deenen am Artikel beschriwwenen "Cachopada" bekannt, déi, wéi et am Artikel heescht, „Gras“ a Form vu klenge Kugele verkafen „unter dem Namen von Schokolade-, Vanille- und Erdbeermarmelade“ ?**

D’Police kann net bestätegen, dass de Produit „Cachopada“ hei am Land zirkuléiert.

Lëtzebuerg, den 20. Juni 2025
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN